PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro n°1163 vum 6te September 2019 hat ech d'Regierung ëm Informatioune betreffend den Drockopträg beim Staat gebueden. De Minister fir den Ëffentlechen Déngscht schreift a senger Äntwert, dass d'Opträg op ronn 60 verschidden Dréckereie verdeelt goufen. Des weidere schreift de Minister, dass d'Opträg aus Qualitéitsgrënn gréisstendeels op Uelegbasis gedréckt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Op Basis vun der Tabell aus der leschter Äntwert, wien waren an deene Joren déi fënnef gréissten Optragsnehmer?
   Wéi vill Opträg si jeeweils un all eenzel Firma gaangen a wéi vill Euro sinn un all eenzel Firma ausbezuelt ginn?

2. Gëtt bei den Drockopträg generell Wäert dorobber geluecht, dass planzlecher Faarfstoffer genotzt ginn? Wéi vill Drockopträg goufe säit 2013 insgesamt mat planzleche Faarfstoffer gedréckt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député